
# LES SACRIFIÉS




**Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de force**

## ENROLÉS DE FORCE
## Lëscht → 9

*Léiw Wielerinnen!*
*Léiw Wieler!*

Dat d'Enrôlés de Force (oofgekierzt: EdF) als konstituéiert Organisatioun (nët als Partei) hirer Leit den 10. Juni an d'Wahlen fir d'Chamber schéckt, as fir Lëtzebuerg eppes ganz Neies. Mat e bës'che gudde Wëllen hätten LSAP an DP den EdF kënnen Satisfaktioun gin. Awer neen! Wou kee Versteestemech as, soll ee keent siche goen!

Déi responsabel Leit vun der «Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force» hun déi béid lèscht Regierungen, d'Koalitiounen CSV-DP an LSAP-DP dacks genuch drop opmierksam gemaach, hir Politiker sollen nët de Gèck mat de Wieler maachen. Mais, daat war grad wéi wann se näischt gesot hätten.

Ausser vill schéine Versprieche maan, a blënzele mat den Aen, war rose wéineg.

Besonnesch déi lèscht rout-blo Konstellatioun huet terribel enttäuscht. Hëllt een all déi Ponkten aus hire respektiven Programmer déi se net réaliséiert hun, dann as et guer nët méi néideg nach e Programm opzestellen.

Si hun ze vill mat der Vergiesslechkeet vun de Wieler gerechnet. Hir Devise war: Loss d'Leit konsuméiren, fidder se mat schéine Wierder, gëf dem Vollek Fester, oder dreiw hinnen Angscht an, da kënne mir maache wat mer wëllen.

Als Fazit vun deene lèschte 5 Joer stelle mer fest: Déi reng Zoufallskoalitioun koum deene Rout-Bloen geléen, ewéi nach nie. Si hun **sech** geseent. A well et esou schéin, esou gudd a besonnesch esou profiterlech war fir si, trieden se elo virun lech a biedelen, dat dir, léiw Wieler, hinnen zu weideren Héieflig a gudd bezuelte Posten verhëllefe sollt.

Daat as de Combel! Fir nët ze soen dégoutant.

Et as ze verstoen, dat déi vun der LSAP mat der Arbëcht, esou wéi si verstin, **weider maache wëllen,** an dat déi vun der DP daat Spiilchen do nach **léiwer** hun.

Et as dest eng nei politesch Sprooch.

Et as daat déi grouss Erneierung, déi mat vill Dausch a Gemëch versprach gi war.

LSAP an DP ware 5 Joer laang de Staat, deem seng Muecht jiddereen ze spiire krut. Si si wäit oofgerëckelt vum Déingschtleeschtungsprinzip, wat déi eigentlech Funktioun vun engem Volleksvertrieder as, dee sech als Partner vun alle gesellschaftleche Gruppen gesi muss.

Et soll nët geännert gin wéinst der Verännerung, mais fir dem Mënsch besser Liewensbedingungen ze schaafen, wouraner en et méi liicht huet sech geeschteg a physesch ze entwëckelen.

Eis Chamber vun den Deputéierten huet an der vergaangener Legislaturperiod bal de leschte Rescht vun hirem Prestige verluer. Si gouw zur gellëger Fabrik emfunktionnéiert, wouraner Gesetzer fabrizéiert gouwen, wéi nach nie virdrun. Et klëngt wéi e Witz, dat d'Exekutiv, déi d'Gesetzer ausféire soll, sech se mondsgeriet braut, a sech se dann, «pour la bonne forme», servéiere léisst vun der politescher In-

stanz, déi iwwert hier steet, der Chamber. An daat dann nach mat enger hauchdënner Majoritéit, déi nach nëmme ganz zoufälleg war, an enger Koalitioun, wou keen eng aner Meenung huet därfen hun, wéi déi vun hire Bossen.

Daat as v'läicht eng gelungen Demokratie!

Et sin daat Zoustänn, wéi se länger nët gedult kënne gin!

Mir Lëtzebuerger brauche Fraen an Männer, déi nees selbstlos, ganz oneegenëtzeg am Intressi vum Vollek schaffen. Op hëchster Stell am Land brauche mir kèng Leit, déi an hir eegen Täsche schaffen; déi bei allem wat se maachen froen, wat e da brèngt! Mir brauche Leit fir déi e **JO** e **JO** as, an e **NEEN** e **NEEN** as a bleiwt; Leit déi nët lavéiren, mais éierlech an zouverlässeg sin; Leit, déi méi wéi 30 Joer laang fir hir gerecht Cause gestridden hun, oni dat d'Politiker hinnen déi lèscht Satisfaktioun gin hätten, si Leit, déi oneegenëtzeg eng schwéier a verantwortungsvoll Aufgab op sech geholl hun. Trotz alle Rèckschléi an Erniddregongen hun si sech nët gin.

Selbstverständlech geséige si gären hire Problem geléist. Well se awer nët nëmmen EdF sin a waren, sin se beree[t] alles drun ze setzen fir dat déi vill aner Problemer hei am Land geléist gin. Hinnen bedeit Fortbestand a Wuelstand vun der Natioun haut grad esou vill wéi deemols am Krich, wéi jiddereen vun hinne säi Mann gestallt huet.

D'EdF si gewint, vu Jonktem un, et schwéier ze hun. Si si kèng Supermënschen, mais si scheie kèng Méi an kèng Aarbecht. Opriichteg an éierlech werde si daat Mandat erfëllen, daat Dir, léiw Wielerinnen a Wieler hinne git, wann der den 10. Juni d'Lëscht **9** vun de[n] Enrôlés de Force am Süden, Norden a[n] am Osten stëmmt.

**GREMLING** Jean (57)
Rechtsanwalt, Ex-Abgeordneter, Ex-Stadtrat, Berater der Fédération Nationale des Victimes du Nazisme enrôlées de force, Luxemburg-Bahnhof und Belair.

**BALTES** Claude (23)
Eisenbahner, Luxemburg-Bahnhof.

**BERNARD** Cornelia, dite Conny (24)
Privatbeamtin, Eischen.

**FABER** Camille (39)
Eisenbahner, Luxemburg-Cessingen

**FABER** Gertrude, dite Gerty (22)
Krankenpflegerin, Luxemburg-Cessingen

**FEDERSPIEL-FEIEREISEN** Andrée (58)
Gemeindearbeiterin, enrôlée de force RAD, Luxemburg-Belair.

**FELTEN** Léon (50)
Direktionsinspektor 1. Ranges der Privatbeamtenpensionskasse in Luxemburg, Altwies.

**FELTEN-KAISER** Jeanne, Vve Egon Jacobs (53)
Geschäftsfrau in Luxemburg-Stadt, Altwies.

**FEYERSTEIN** Georges (32)
Staatsbeamter in der Ackerbauverwaltung in Mersch, Fels.

**GOERGEN** Christiane (34)
Privatbeamtin bei der Eisenbahn, Howald-Hesperingen.

**GREMLING** Jean-Goerges (22)
Student der Rechte, Luxemburg-Belair.

**GRETHEN** Alfred (35)
Bankbeamter, Hünsdorf-Lorentzweiler.

**KIEFFER** Bernard, dit Ben (68)
Ehrendirektor des Centre du Rham, ehemaliger Stadtrat Luxemburg, Bartringen.

**LEVY** Fernand (46)
Privatbeamter RTL, Luxemburg-Muhlenbach.

**MOLLING** Victor (31)
Staatsbeamter, Luxemburg-Belair.

**NEYERTZ** Jean (46)
Eisenbahner, Luxemburg-Bonneweg.

**PESCHON** Michel (59)
pensionierter hauptstädtischer Geschäftsmann, enrôlé de force, Brouch-Mersch.

**PROBST** Albert (55)
pensionierter Staatsbeamter (Flughafen), enrôlé de force, Sandweiler.

**SCHULLER** Charles (57)
Gemeindebeamter, enrôlé de force, Luxemburg-Hollerich.

**Dr. STEICHEN** Jean (57)
Tierarzt, enrôlé de force, Luxbg-Bahnhof.

## WAHLBEZIRK ZENTRUM
## Lëscht Jean GREMLING
### SOCIALISTES INDÉPENDANTS
# 10

## Liste Jean Gremling - Socialistes Indépendants 10

tritt ein

**FÜR** Sozialpolitik und Vollbeschäftigung für alle Schaffenden, gegen die von der Regierung, im Dienste des internationalen Großkapitals, systematisch betriebene Aufsplitterung der Schaffenden;
für die berechtigten Forderungen des öffentlichen und privaten Sektors, der Mittelständler, der Freiberufler und der Bauern.

**FÜR** die definitive Lösung des Problems der Zwangsrekrutierten: Gleichberechtigung und Abschaffung der ehrenrührigen Diskriminierungen im Kriegsschädengesetz, Verwirklichung des Gesetzvorschlages Jean Gremling für die fakultative Frühpensionierung aller Kriegsopfer.

**FÜR** Oekologie, gegen die tödliche Gefahr der geplanten Atomzentralen von Cattenom und Remerschen, gegen die Einpflanzung ausländischer Militärlager.

**FÜR** eine selbstbewußte und wirksame Außenpolitik, gerichtet auf Frieden und Gleichberechtigung, gegen mutwilligen Verzicht auf nationale Interessen.

**FÜR** die Verteidigung und den Ausbau unserer öffentlichen Freiheiten, gegen den Abbau unserer demokratischen Rechte, gegen Staatsbespitzelung, Willkür und Zensur.

**FÜR** politische Moral, für das Halten der Versprechen, gegen die Irreführung der Wählerschaft.

**FÜR** die Revalorisierung des Parlamentes, gegen die Herabwürdigung der Deputierten zu willenlosen Marionetten.

**FÜR** eine echte Humanisierung, für eine reelle Demokratisierung der Justiz, des Unterrichtswesens und der Kultur, gegen die Austeritätspolitik der Regierung.

**FÜR** eine aufrichtige Finanzpolitik, gegen die irreführende budgetäre Unterschätzung der Einnahmen.

## Liste Jean Gremling - Socialistes Indépendants 10
ist eine Liste von Männern und Frauen, die für und nicht von der Politik leben

**Liste 10** für die Arbeiter, Eisenbahner, Staatsbeamten, Gemeindebeamten, Angestellten des öffentlichen und privaten Sektors, Privatbeamten, Mittelständler, Freiberufler und Bauern,

**Liste 10** für die Zwangsrekrutierten und ihre Angehörigen,

**Liste 10** für die Oekologisten,

**Liste 10** für die Frauen,

**Liste 10** für die Jugend,

**Liste 10** für das 2. und das 3. Alter,

**Liste 10** für die Einwohner von Stadt und Land.




# D'KANDIDATEN AUS DEM OSTEN



**HAMES Jean**
Eisebunner,
Prés. E.d.F.Sectioun Jonglënster
Member vun der Brigad Piron
Gonneréng




**DIEDERICH Jean**
Adjutant E.T.P.,
Viceprésident vun der Fanfare Concordia,
Member vum Comité C.T.F.
Mertert



**SCHEMEL Ernest**
Zolldeklarant Schengen-Réimech
25 Méint Tambow
Schengen



**STEFFEN Roger**
Konscht-Moler
Politesche Prisonnéier
Tambower
Gréiwemaacher



**STEPHANY Albert**
Lieutenant des Douanes
10 Méint Russland
3 Méint Lazarett; Refractaire
[E]chternach



**THOMMES Marcel**
facteur-comptable ppal
18 Méint Tambow
Réimerschen

**Der sogenannte «unabhängige Sozialist», der in drei Bezirken klauben mußte, um in einem Bezirk eine kärgliche Mannschaft aufzubringen, hat spätestens seit Veröffentlichung seines Programms bewiesen, daß er keine linken Positionen zu verteidigen hat, sondern nach dem Motto «ein Löffelchen für Oma, ein Löffelchen für Opa und eins für Tante Klara» ein poujadistisches Wunschkatalog zusammengeschnipselt hat, das dem der sogenannt liberalen Partei des Jemp Kohlhaas, zum Verwechseln ähnelt.**

**Die neuen Parteien und Kuddelmuddel-Listen haben demnach nichts neues zu bieten.»**

**Wo es einen Rekord gibt, muß es auch einen Rekordhalter geben. Den «traurigen» Rekord von 11 Listen (Goebels dixit) halten LSAP und DP ex aequo. «Weider mat der gudder Arbecht!» In fünf Jahren werden es aller Voraussicht 22 Listen sein.**

**Die SdP, – seine vor Jahren abgesplitterten Parteigenossen, von denen einige reuevoll in den LSAP-Schoß zurückgekehrt sind, – erwähnt Herr Goebbels nicht.**

**Auch die EdF nennt er nicht namentlich, deklassiert sie dann doch und rechnet sie zu den Kuddelmuddell-Listen (im Boulevardstil) um sie und ihre Probleme vor dem Volk lächerlich zu machen. Probleme, die weder LSAP, CSV noch DP in mehr als 30 Jahre nicht imstande waren zu lösen.**

**Schlimmer noch als im tagtäglichen «t» S-Jargon zieht Goebbels seinen früheren Parteikollegen, welcher der LSAP-Diktatur überdrüssig, nun unabhängiger Sozialist ist, durch den Dreck.**

**Wenn man auf diese Manier ganze Gruppen ehrenhafter Bürger samt ihrer Probleme herabwürdigt, so muß der Wähler Parallelen ziehen zu den vielversprechenden und wenig verwirklichten Wahlprogrammen der großen «etablierten» Parteien. Der Wähler wird wohl oder übel überlegen müssen, ob er seine Stimmen auf den Listen der großen Parteien verschwenden soll, will er sich nicht mitschuldig machen an Verunsicherung und Dirigismus in der Zukunft.**

**Sie haben bereits mehr als eine Lektion verdient, diese Schön (ver)sprecher.**

**Damit es keinen der «Großen» verdrießt, geben alle ihre Stimme auf die**

## Listen 9 im Osten, Norden, Süden und Liste 10 im Zentrum.

## Damit es niemanden verdrießt

**Im «t» vom 23. 5. 79 schreibt Robert Goebbels über «Splitterparteien dienen der CSV» u. a. folgendes:**

**«Bei den Landeswahlen vom kommenden 10. Juni kandidieren bekanntlich 11 verschiedene Listen.**

**Das ist für unser Land ein Rekord, wenn auch ein eher trauriger. Denn wenn es in einer parlamentarischen Demokratie zwar das gute Recht eines jeden Bürgers ist, sich einer Wahl zu stellen, so führt eine zu große Zersplitterung der Parteien leicht in ungeordnete Verhältnisse, indem es keine klaren Mehrheiten mehr gibt, und ein Land dadurch unregierbar wird.**


**Zwei Listen – LCR und Wiert Iech – meinen ohnehin, Wahlen seien sogenannt «bürgerlichen Quatsch». Sie kandidieren also, um nicht gewählt zu werden.**

**Eine Liste besteht gar aus einem einzigen Kandidaten, was den Vorzug hat, daß er mit niemandem Streit bekommt. Er ist der wahre «Unabhängige», ein freischwebender Artist ohne Netz und Trapez.**

# D'KANDIDATEN AUS DEM NORDEN



**BADDÉ Charles**
Eisebunner
Enrolé de Force a Réfractaire
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Hesper
Hesper-Wilwerdang




**CLEES Jos**
Berufschauffeur
Prësident vun den E.d.F. Sektioun Housen
Näidsen



**HEINTZ Erny**
Kommerssant-Konfektioun
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun
Ettelbréck
Ettelbréck



**KEIPES Theo**
Eisebunner
Prësident vum S.I. an der Chorale Mixte vun
Useldéng ; Comitésmember vun der Ass. d.
Par. L.C.D.
Useldéng



**LESSEL Fernand**
Kommerssant-Radio an Télévisioun
Member vum Cons. d'Adm, de la Féd. d.
Commerçants ; Enrôlé de Force e Réfractaire
Ettelbréck




**INFALT-HEINISCH Goergette**
Witfra vum ze fréi verstuerwenen Dr. Jang
Infalt, fréiere Prësident vun den Enr. d. Force
Sektioun Ettelbréck
Ettelbréck



**LANNERS-MARX Marie**
Haus- a Geschäftsfra
Zwangsrekrutéiert
Housen



**ZIGRAND François**
Wiirt
Enrôlé de Force, Krichsgefaangenen,
Anc. Combattant de l'Armée belge
Pärel



**DECKENBRUNNEN Emile**
Gemengenaarbechter
Enrôlé de force
Refractaire
Wolz

## WAHLFONDS

Wann iéch glifft, iwwerweist äre Bäidraag fir de Wahlfonds vun der Enrôlés de force op de Postscheckkonto Nr. 21049-97, dee libelléiert as: Fonds d'action des Enrôlés de Force, Luxembourg.

## Warum schenkt die luxemburgische Regierung Deutschland 15 Milliarden?

Laut Statec Nr. 9/1973 hat der luxemburgische Staat seit Kriegsende bis zum 31. 12. 1972 11 Milliarden an Kriegsschäden (Wiederaufbau, Sachschäden, Lohnausfall, Körperschäden) ausbezahlt. Diese Summe dürfte sich durch die frühzeitige Pensionierung vieler kranker Naziopfer auf 15 Milliarden erhöht haben. Ein hoher Betrag, für den der luxemburgische Steuerzahler während all den Jahren zur Kasse gebeten wurde.

Was hätte man mit diesem vielen Geld machen können? Arbeitsplätze für unsere Jugend, Altersheime für die betagten Menschen, anständige Straßen, eine saubere Umwelt usw. Diejenigen aber, die diesen Schaden verursacht haben läßt man ungeschoren. Unsere Regierung hat nicht den Mut dieses Geld bei der Bundesrepublik zu fragen. Und doch dürfte es für unseren tüchtigen Außenminister eine Kleinigkeit sein, dieses Geld einzutreiben. Er ist doch per «Du» mit den politischen Größen Deutschlands.

Der so tüchtige Außenminister hat nichts unternommen. Ihm genügte das Bundesverdienstkreuz und das Versprechen auf einen gut bezahlten Europaposten, sollte es am 10. Juni schief gehen. Denn niemand glaubt daran, daß Herr Thorn auf die Oppositionsbank geht. Dazu ist er viel zu eitel.



## Anrechnung der Militärdienstzeit

Im «t» vom 19. Mai 1979 verlangte der LSAP Deputierte Jean Regenwetter «Anrechnung der Militärdienstzeit». Damit verlangt er das, was die Enrôlés de Force schon vor Jahrzehnten forderten.

An und für sich ist das ein durchaus vernünftiger Begehr. Wie Herr Regenwetter jedoch seine Forderung vorträgt, ist nicht nur unvernünftig, sondern dumm und anmaßend obendrein.

Senkrechtstarter sind Leute, von denen es im Volksmunde heißt, sie würden «d'Traapen eropfaalen». Schon beim Ansatz zu ihren Höhenflügen sind sie bar jeden Balasts. Um hohe Posten zu besetzen, verantwortungsvolle Ämter auszuüben, ist ein gewisser Grad an Bildung, Wissen und Können erfordert. Das scheint bei Herrn Regenwetter nicht zuzutreffen.

Wenn er glaubt, die einst zum luxemburgischen obligatorischen Militärdienst Einberufenen seien Zwangsrekrutierte gewesen, ist er völlig im Irrtum. Wollte man den mildernden Umstand des Irrtums nicht gelten lassen, würde seine Behauptung zur gemeinen Anspielung, zum Ausdruck einer lausigen Gesinnung. Sie wäre sogar eine Beleidigung des Staatsoberhauptes, und ihr Urheber wäre in die Reihe der Leichenfledderer einzureihen, weil er die Ehre tausender Luxemburger besudelt, die wegen der Ereignisse des letzten Krieges ihr Leben verloren haben.

Die Anrechnung der Zeit, welche beim luxemburgischen Militärdienst in der Zeit von 1945 bis 1967 abzuleisten war, hat nichts mit der völkerrechtswidrigen Verschleppung Luxemburger Staatsbürger zum Heer der Nazi-Besatzungsmacht zu tun.

Aber Herrn Regenwetter geht es weniger um die Sache als um Vorwände und Klitterungen um die Wahltrommel zu rühren. Noch nicht einmal dazu hat der Herr Geschick. Denn er schreibt:

*«Wir Zwangsrekrutierte aus den Nachkriegsjahren sollten die LSAP stärken, die nach Aussagen von Arbeitsminister Benny Berg entschlossen ist, den Gesetzvorschlag Hengel in die kommende Rentenreform einzubauen. Gegen ohnmächtige Splitterparteien, die ohnehin nur ihre eigenen Sonderwünsche verwirklichen wollen.»*

Dabei hat Hr. Regenwetter nicht einmal den Eselstritt wahrgenommen, den er kurz zuvor, im selben Artikel, seinen Parteigenossen versetzt hat, indem er schrieb, für diejenigen, die bis 1967 ihren obligatorischen Militärdienst in Luxemburg ableisten mußten, steige niemand auf die Barrikaden.

Also, weder er noch seine Parteigenossen! Außer, vielleicht, René Hengel, um dessen Gesetzvorschlag es «in letzter Zeit still geworden» sei.

Herr Regenwetter fragt – mit ihm zweifelsohne jeder den es angeht oder der sich damit befaßt: «Warum hat die Regierung ihn (Gesetzvorschlag Hengel) nicht berücksichtigt? Mußte wirklich auf die «globale Rentenreform» gewartet werden, bei der dann das Problem eine Lösung finden soll?

Das, Herr Regenwetter, ist der Clou!

Wie sagen wir Luxemburger für so etwas? «Wien sechselwer këddelt, därf laachen wann e wëllt! – oder: «An enger Demokratie haat jiddereen d'Recht esou domm ze sin, wéi e wëllt!»

't Enrôlés de Force.

## Krebsgang

In einem demokratischen Staate gibt es unter den drei Gewalten (Legislative, Exekutive und Justiz) die ausführende Gewalt, die Exekutive. Sie führt die Gesetze aus, die in der Kammer der Abgeordneten votiert werden. Im Körper des Menschen gibt es auch Organe, die eine Funktion auszuüben haben. Werden nun die Zellen, aus denen das Organ besteht, durch äußere Einflüsse (z. B. Strahlen) zersetzt, so geht das Organ den Krebsgang. Dieses Beispiel könnte auf gewisse Ministerien zutreffen.

## Umweltschutz

Nehmen wir das Ministerium für Umweltschutz. Wieso muß es eine Gruppierung geben, wie z. B. «Jeunes et Environnement» (bitte weiterlesen, niemand hat etwas dagegen; daß es die eben geben muß), wenn wir dafür ein Ministerium haben. Aber anscheinend erfüllt dieses Ministerium seine Funktionen nicht in allen Hinsichten. Tausende von Tonnen Salz werden jährlich auf unsere Straßen gestreut; dieses Salz löst die auf den PKW's vorhandenen Öl- und Fettschichten auf und verteilt sie auf der Straße (schwarzer Schnee). Durch die Kanalisationen gelangt dieser Schmutz in unsere Gewässer. Was sagt das Ministerium für Umwelt dazu? Gibt es überhaupt eine Zusammenarbeit zwischen Verkehrsministerium und demjeneigen für Umweltschutz?

## Gesellschaftsleben

Wir haben desweiteren das Ministerium für nationale Erziehung. Jedermann klagt über die verheerenden Formen, die unser Gesellschaftsleben annimmt. Wo bleibt denn die Erziehung des Bürgers (**nationale** Erziehung!), wenn er z. B. die Wälder verschmutzt? Wenn Kinder rücksichtslos Abfälle auf die Straßen werfen. In der Schweiz, auch ein demokratischer Staat, geschieht das nicht. Wieso klären Rundfunk und Fernsehen den Bürger nicht auf? Im Gegenteil, da sieht man Schmutzfilme, die ganz andere Sachen propagieren, z. B. Brutalitäten, Unzucht und dergleichen mehr. Als Gegengruppierung zitieren wir die Elternvereinigungen (nichts dagegen, es muß eben so sein, leider), die auch ihre Forderungen haben.

## Alle Mittel sind gut

**um gegen die EdF zu hetzen. Herr G. Thorn erklärte kürzlich im Plenum der Abgeordnetenkammer, die EdF würden nicht früher sterben als andere. Natürlich liest Hr. Thorn die Todesanzeige nicht und das weder im Luxemburger Wort noch im «tageblatt» und im Journal weiß man nichts davon. Daher seine Behauptung.**

**Frage: «Mit welchen Jahrgängen vergleicht Hr. Thorn?», oder «hat er einen Präzedenzfall?»**

**Die 3 000 Witwen, die Kinder und Anverwandte der frühzeitig verstorbenen EdF werden am 10. Juni die Quittung liefern.**

**Die Witwe eines vor 11 Tagen verstorbenen EdF.**

## De Superman Gaston Thorn!

An der Wahlnummer vun der DP liese mer ënner der Foto vum Här Thorn: Affekôt, Staatsminister, Außenminister, Wirtschaftsminister, Minister vum Mëttelstand, President vun der DP a President vun den europäesche Liberalen. Daat as kee klénge Spaas. Wann een iwerleet, wivill Stonnen den Här Thorn am Flieger, op Konferenzen, op lëssen, op Radio an Television verbréngt, an och nach Doudesannoncen vun de verstuerwenen Enrôlés de Force liest, da freet ee sech, wivill Zäit hien nach huet, fir ze regéieren. Oder as den Här Thorn e Superman, deen alles aus dem Arem rëselt?

D'Resultat vun fënnef Jaar Regierungspresident beweist de Contraire. Alles as nëmme Flëckwierk. Fir grous Projhéen huet hien sech ëmmer hanner d'Kris verstoppt. Dobei war nach keng Regierung um Rudder, déi esou vill Geld hat wéi déi heiten.

Durfir maache mer Schluss mat engem Ministerpresident, déen op Këschte vun de Steierzueler mat senger Madame t'ganz Welt besicht huet. D'Enrôlés de Force sin fir ëng Lëtzebuerger Politik, am Intressi vun der lëtzebuerger Bierger an am Intressi vum Lëtzebuerger Land.

# D'KANDIDATEN AUS DEM SÜDEN




**WEIRICH Jos**
Kommerssant a Fabrikant
10 Mé'nt enrôlé de force a 7 Mé'nt Refraktaire,
Président National Fédération VNEF an Président vun der Associatio'n EFVN
Member vum Conseil d'Administration vun der Fédération des Commerçants
Diddeleng




**SCHOLER Metty**
Chef de servc. adj. M.M.R.-A.
Président vun den Tambower ; Vize-Prës. vun der Fédération des Victimes du nazisme enrôlées de force
Prësident vun der Musek Lamadelaine
Rolleng-Lamadelaine-Habscht



**ADAM Bert**
Chimiste Arbed-Belval
Sekretär vun den Enr. d. Force Sektioun Esch an der Association sport. des Handicapés physiques
Esch-Uelzecht



**BENOIT Jos**
Préposé de poste des Douanes
Dudelange-Volmerange-Zoufftgen
Enrôlé de force, déserteur a politesche Prisonnéier + Mutillé de guerre
Diddeleng



**BÜCHLER Jemp**
Kommerssant
Mutillé de guerre
Rodange




**DEVILLET Carlo**
Jong vun dem ze fréi verstuewenen Raymond Devillet
Spora-Spiller
Briddel



**FLAMMANG Georges**
Eisebunner
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Suessem an der Amicale vun de Novgoroder ; Délegéierten vun der L.L.M.I.G.
Biëles-Nidderkäerjheng



**JACOB Bernard**
Nidderkuer




**KERG René**
Eisebunner
E.d.F. Member vum Comité Sektioun Diddeleng
Beteburg



**KOEHLER Charles**
Eisebunner
Tambower
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Déifferdang
Déifferdang




**LOMMEL François**
Bréifdréier
27 Méint a russescher Gefaangeschaft (Tambow)
Sekretär vun den E.d.F. Äischen
Äischen



**MAAR Marcel**
Schmadd Arbed Déifferdang
Member vum Comité vun den E.d.F. Sektioun Nidderkuer
Nidderkuer



**MEUNIER-KIRSCH Amélie**
Déportéiert bei der Grève 42 no Adenau
Witfra vum schwéier mutilléierten a fréi versturwenen Hubert Meunier
Nidderkuer



**NEU Félix**
Anc. Membre du comité FEP et de la Délégation
employé M.M.R.-A.
Résistant armé, combattant volontaire dans les Armées Alliés 1940-1945
Rolleng-Lamadelaine



**NOEL Emile**
Gérant-Spuerkees Rodange
Stroofkompanie a Krichsgefaangen
Caissier vun der Associatioun VNEF an der Sektioun Péiteng
Péiteng




**OLSEM Emile**
Handwierker op der Eisebunn
Caissier vun der Fédératioun vun den E.d.F. an der Sektioun Käl
Käl




**REISCH Camille**
Handwierker bei der M.M.R.-A.
Enrôlé de Force
Réfractaire
Dippech



**REISER-SCHOCKMEL Germaine**
Hausfra
Schwester vun engem zu Sonnenburg erschossene Komerod
Nidderkuer



**SCHAUL Albert**
Gemengenemployé. Prësident vun den E.d.F. Sektioun Rodange-Lamadelaine
Kommandant vum Rodanger Pomjés-Korps
Rodange



**SCHMIT Dominique**
Schmelzarbechter
Ancien Combattant de l'Armée Française
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun Uewerkuer
Uewerkuer



**STEFFEN-SCHMIT Marguerite**
Witfra vun dem ze fréi verstuerwenen Match Steffen ; 19 Méint am R.A.D. a K.H.D. wéint Verweigerung vum K.H.D. 2 Méint am Prisong
Esch-Uelzecht



**STRACKS Norbert**
Machiniste op Terre-Rouge
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun Péiteng ; Sécouriste-ambulancier vun der Protection-Civil
Péiteng



**WOLFF Léopold**
Eisebunner
Président vun den E.d.F. Äischen
37 Méint Enrôlé de Force a Krichsgefaangenen
Äischen



**BEFFORT-LESCH Apolline**
Hausfra
Zwangsrekrutéiert an den R.A.D.
Aus dem K.H.D. désertéiert
Uewerkuer

## Europawahlen

Die EdF haben seit der Apokalypse von 1939 bis 1945 offen und mutig ja gesagt zum Vereinten Europa. Sie hatten am eigenen Leibe erfahren, wohin das Völkermorden führt. Die Idee, welche am Ursprung der Vereinigung der europäischen Staate stand, war exzellent. Leider – leider – sind wir seitdem sehr weit abgerückt von der «Idee».

Heute streiten überall in Europa Parteimanager und Parteibosse, die kleinen wie die großen, nicht wegen eines Vereinten Europas, sondern vielmehr darum, ob das Europa von morgen sozialistisch, liberal, christlich, kommunistisch oder sonstwie ausgerichtet sein soll. Mit offenkundiger Eifersucht beobachtet eine Nation auch nur die kleinsten Schritte der anderen, weil jede der einst «Großen Nationen» das Sagen im Neuen Europa haben möchte. Eine hübsche Einigkeit!

Die EdF haben keine Kandidatenliste für das europäische Parlament aufgestellt, obschon das ein Leichtes gewesen wäre, und das aus drei Gründen:

1. Weil zu viele, die über Europa reden, es zerreden, anstatt es tatsächlich aufzubauen.
2. Weil es sich erwiesen hat, daß meist nicht das Vereinte Europa das angepeilte Ziel ist, sondern die dort in Aussicht stehenden hoch remunerierten Posten. Die EdF sind gegen alle Sinekuren.
3. Weil die EdF es ablehnen mit den Nachfolger des III. Reichs am selben Tisch zu sitzen, jene Leute, die sich stoïsch weigern, das kleine Luxemburg zu entschädigen für den gewaltigen Schaden, den die Deutschen in Luxemburg an Menschen und Einrichtungen angerichtet haben.

Bei den Europawahlen vom 10. Juni wären die EdF und ihre Freunde bereit gewesen, all denen ihre Stimmen zu geben, die sich absolut verpflichtet hätten, von Bonn die geschuldeten Unsummen als Folge begangener Kriegsverbrechen zu verlangen.

Da kaum anzunehmen ist, daß sich ein solcher Kandidat bemerkbar machen wird, werden die Wahlzettel der EdF **weiß** bleiben.

---

## Nach eng kéier SOLIDARITE'T wéi am Krich

**Nët schwaarz, nët roud, net blo**
**dës Kéier roud - weiss - blo**
**dofir as d'Lëscht 9 do**

## Lëscht Nr. 9 vun den Enrôlés de force

## trëtt an:

**Fir eng Revaloriséierung vum Parlament an as géint d'Dégradatioun vun den Députéierten zu armséilegen Marionetten.**

**Fir politesch Opriichtegkeet an Oneegenëtzegkeet vun de Parlamentarier. De Wieler soll erëm Vertrauen an déi Leit därfen hun, déi hien gewielt huet.**

**Fir konstruktiv Arbecht am Sënn vu parlamentarescher Demokratie.**

**Fir eng Gesellschaftsuerdnung, déi op démokratesche Prinzipien baséiert, fir eng dynamesch Gesellschaft, déi nët dirigéiert gët, ma stimuléiert an aktivéiert, déi Uerdnung schaaft a protégéiert, op déi Manéier de soziale Fridden garantéiert an de Wuelstand verallgemengert.**

**Fir Vollbeschäftegung vun alle Letzeburger.**

**Fir d'berechtegt Fuerderungen vum öffentlechen a privaten Sektor, de Baueren a Wënzer, de Leit an de fräie Beruffer an aus dem Mëttelstand.**

**Fir eng gerecht Verdeelung vun de Steierlaaschten.**

**Fir d'Schaafen vun neien Aarbechtsplaatzen fir d'Chômeuren, ma besonnesch awer fir dem Jonktem reell Chancen fir d'Zukunft ze gin.**

**Fir Beschaafen an d'Sëcherung vun Energie.**

**Fir echt human a reell demokratesch Justiz, Schoulen a Kultur.**

**Fir eng opriichteg Finanzpolitik, e wiirklech soziale Wunnungsbau an e vill bessere Stroossebau.**

**Fir de Referendum bei der Duerchféirung vun déifgräifende Reformen.**

**Fir manner staatlecht Agräifen, Betreiung, Reglementéirung an Tütell, fir dat erem méi Leit bereet sin zur Selbststännegkeet am wirtschaftleche Sektor.**

**Fir de Schutz vun der Natur, de Gewässer an der Emwelt.**

**Fir dynamesch Aussepolitik am Interessi vun der Natioun a fir Fridden, Versteestemech a Gläichberechtegung ënner de Natiounen.**

**Fir dat d'Préisen hir Krichverbriecherscholden bezuelen. Bis 1972 sin daat 11 Milliarden Frang gewiescht, a bis haut sin mindestens nach 4 Milliarden derbäi kom.**

**Fir eng definitiv Léisung vum Probleem vun de Enrôlés de force.**

## Mir si fir alles wat raisonabel a réalisabel as.

**Géint all Parteidiktatur.**

**Géint eng verstoppten Diktatur vun der Regierung.**

**Géint parteipolitesch gebonnen Députéiert, déi zu allem nëmme mam Kapp näipen.**

**Géint Volleksvertrieder, déi hiert Wuert nët haalen.**

**Géint Iirleeden a Verdommen vun dem Vollek.**

**Géint feig Verréider, déi aus dem Hannerhalt hetzen on opwigelen.**

**Géint Opsplitterung vun de Schaffenden.**

**Géint Atomreakteren zu Cattenom an zu Remerschen.**

**Géint Monopoler am politeschen, wirtschaftlechen a gewerkschaftleche Beräich.**

**Géint kuerzsiichteg national Finanz- a Budgetpolitik.**

**Géint mutwëllege Verzicht op national Interessen.**

**Géint de grousse Kuddelmuddel am Schoul- am Unterrechtswiesen.**

## Dir wëllt, dat et besser gët, da stëmmt Lëscht vun den Enrôlés de force 9



# net Schwaaz
# net Roud
# net Blo
# elo kënnt nëmme
# Lëscht 9 a Fro

# ENRÔLÉS DE FORCE

Imprimerie Bourg-Bourger



# Mir sin do fir iech all!

Joërzéngtelaang krute mir, bal vun dëser Partei, dann erem vun där aner Versprieche gemat, déi sie nie gehalen hun. Mir kënnen ké Vertrauen méi an dës Parteien an hir Politiker hun. Dofir huele mir elo aktiv un der Gestaltong vun onser Landespolitik deel.

# Mir setzen äis an:

— fir eng echt lëtzebuergesch Wirtschaftspolitik am Intressi vun **alle** Bierger
— fir d'Schafen vun Aarbechtsplaatzen fir ons Jugend durch fräiwëlleg Pensioun vu kranken Naziaffer
— fir d'Erhalen an d'Neischafong vun Aarbechtsplaatzen
— fir d'fréizäiteg Pensioun vun Nuetsschichtaarbechter an ugeméisse Renten fir d'Baueren a Wënzer
— fir d'Urechnung vun de lëtzebuerger obligatorische Militärzeit bei der Pensioun
— fir d'Erhalong an d'Förderong vun de Familjebetrieber, der Landwirtschaft an dem Wäinbau
— fir anständnech Stroossen niewend den Autobunnen
— fir d'Erhalong vun onse Böscher a Landschaften ; fir propper Waasser a Quellen ; Denkmal- an Emweltschutz

# Mir sin dergéint:

— datt dëm Nofolger vun Nazideitschland Milliarde Frang geschenkt gin an d'Lëtzeburger Steierzueler dofir bludde mussen
— datt mat Arroganz an Opportunismus ons Steiergelder verschleidert gin (Bauen vun Atomreaktoren déi mir nët brauchen – «Kueben» an déi d'Europa-Parlament nët anzitt – Autobunnen a falsch Richtongen – deier Auslandsreesen déi dem Land näischt abréngen –
— verschwenderësch Wahlpropaganda op Staatskäschten – asw.
— datt d'Regierong- a Parteidiktatur am Intressi vu Parteibonzen a Postejeër existéiert
— datt mat der Jugend de Geck gemat gëtt wéi mat ons elo zënter 30 Joer
— datt geféierlech Atomreakteren zu Lëtzeburg an an der Noperschaft gebaut gin.

## wann och dir vu Parteien enttäuscht gouwt, wann dir mat ons d'accord sid,


# dann den 10. Juni all är Stëmmen op Lëscht 9

Léiw Elteren, Fraen a Kanner vun onsen ongléckleche Komeroden,
léiw Frënn aus der Reistenz an all gudd Lëtzeburger déi ons a schwéirer Zeit mam Asâtz vu Verméigen an Liewen gehollef hut,
léiw Lëtzeburger alleguer,
Komerodinnen a Komeroden,

# Nach eng kéier SOLIDARITÉIT wéi am Krich!

**Nët schwaarz, nët roud, net blo**
**dës Kéier roud – weiss – blo**

**dofir as d'Lëscht 9 do.**






**Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de force**

# WARUM Wahllisten der Zwangsrekrutierten ?

Es begann am 10. Mai 1940 als die Truppen Nazi-Deutschlands das Luxemburger Land für fünf Jahre in eine bis dahin nie gekannte Nacht des Schreckens und Leidens stürtzten.

Land und Volk wurden anfänglich mit noch nie dagewesenem Aufwand an unterschiedlichstem Propagandamaterial überschüttet und zur Kollaboration mit den Nazis aufgefordert. Manche Quislinge im Lande leisteten ihnen dabei willfährige Unterstützung.

Als der Erfolg ausblieb, versuchte der Okkupant sein Ziel, d. h. die Eingliederung Luxemburgs **ins großdeutsche Reich, mit brutaler Gewalt zu erreichen. Massenweise wurden die Luxemburger verhaftet, nach dem Osten umgesiedelt und verschleppt. Für die junge Generation, und zwar für die Angehörige der Jahrgänge 1920 bis 1927 hatten die Nazis einen besonders teuflischen wie tückischen Plan ausgeheckt.** Die Jugendlichen beiderlei Geschlechts wurden gezwungen in paramilitärischen wie militärischen Verbänden der Nazis Dienst zu leisten. Alle Familienangehörigen der so Betroffenen mußten dafür Sorge tragen, daß niemand sich dem Wehrzwang entzog. (Dekret über die Sippenhaft). Die widerspenstige Jugend Luxemburgs sollte ausgerottet werden !

Für Luxemburg waren die Folgen der Zwangsrekrutierung verheerend. Mehr als ein Viertel der männlichen Jugendlichen kamen ums Leben. Die Überlebenden und Zurückgekehrten hatten nicht wiedergutzumachende Gesundheitsschäden erlitten, deren schlimmen Folgen bis in die Gegenwart reichen. Erschreckend hoch ist die Zahl der nach Kriegsschluß frühzeitig verstorbenen Zwangsrekrutierten und ebenso erschreckend ist die Zahl der Verstümmelten und Kranken.

War angesichts der Unterdrückung, der Verfolgungen und der Knechtung übelster Art das patriotische Gefühl und die Solidarität der Luxemburger exemplarisch, begannen diese nach der Liberation schon sehr bald abzuflauen. Sie wichen den Forderungen einer gewissen Lobby. Die Haltung und der Widerstand gegen die nazistische Besatzungsmacht **wurden abgestuft, peinlichst abgegrenzt und katalogiert.**

Der Gesetzgeber schrieb die so eingestuften Patrioten ins Gesetz vom 25. Februar 1950 ein, das über die Entschädigung der Kriegsschäden handelt.

Eigentlich sollte besagtes Gesetz einzig und allein zum Zweck haben, die Modalitäten einer Entschädigung solcher Personen zu regeln, denen physisches Unrecht, moralischer und materieller Schaden zugefügt worden war. Aber leider waren seine Texte derart, daß es zur Spaltung der Nation kam. Es entstand das falsche Problem der patriotischen Verdienste, was zu einer spitzfindigen Diskriminierung innerhalb der zu Entschädigenden führte.

Es wurde bestimmt, daß nur solche Naziopfer zu entschädigen sind, gegen die Strafmaßnahmen wegen individueller, patriotischer Akten ergriffen worden waren, derweil andere Luxemburger, die Opfer sogenannter «allgemeiner Maßnahmen» des Okkupanten geworden waren, nicht oder nur sehr unterschiedlich gegenüber ersteren zu behandeln sind. Visiert waren damit insbesondere die Zwangsrekrutierten.

Seitdem und bis zum heutigen Datum dauert die Spaltung der Nation an. Einerseits gibt es Leute, die von sich derart überzeugt sind, daß sie glauben den Monopol auf Patriotismus gepachtet zu haben, und andererseits gibt es die von ersteren verpönten, nichtstaugenden Zwangsrekrutierten.

Die Überlebenden der rund 20.000 Zwangsrekrutierten, zusammen mit ihren Familienangehörigen, haben seit 1950 ununterbrochen versucht, das ihnen angetane Unrecht zu beseitigen. Ohne Erfolg !

Die unerträgliche Schande der nationalen Geringschätzung lastet unverändert und unvermindert auf der geopferten Generation. Sie wurde luxemburgischerseits sogar ganz offiziell zementiert, als Luxemburger Politiker zuließen, daß gelegentlich des Abschlusses des deutsch-luxemburgischen Wiedergutmachungsvertrags festgelegt wurde, die Zwangsrekrutierten ebenso zu behandeln und zu entschädigen wie die Soldaten des III. Reiches. Luxemburger mit der Soldateska der Nazis gleichzustellen, ist und bleibt die schlimmste Schande, die man einem Luxemburger antun kann.

**Géint de Maulkuerf vun der Regierung, déi alles versprach a näischt gehalen. Wiehlt Lëscht 9**

**Wie auf nationalem, so ebenfalls auf internationalem Plan**

Für den Schaden, den der deutsche Okkupant in Luxemburg angerichtet hat, und das in jeder Hinsicht, zahlen Luxemburger Steuerzahler.

Bis zum Jahre 1972 betrug die Summe der von Deutschland angerichteten Kriegsschäden 11 Milliarden Franken. Diese Unsumme ist lediglich das Total einer Addition der staatlichen Ausgaben für Kriegsschäden seit 1945. Der seither erfolgten Geldentwertung ist in diesem Betrag nicht Rechnung getragen. Um einigermaßen verständlich zu machen, wie hoch die Summe der bezahlten Entschädigung wirklich ist, müßten die 11 Milliarden versechsfacht werden. In anderen Worten, wäre der Schaden mit gegenwärtigen Franken zu bezahlen, müßte der Staat 66 Milliarden auf den Tisch blättern.

Seit 1950 haben alle Parteien und Politiker, egal welcher Couleur, immer wieder hoch und heilig versprochen:

1. die schreckliche Schande zu tilgen, die den Zwangsrekrutierten angetan wurde,

2. die vom rechtmässigen Nachfolger des III. Reiches geschuldeten Geldsummen einzutreiben.

**Hier z.B. ein Zitat aus der Monatsschrift der Luxemburger Sozialisten, Nr. 4 vom 25. April 1961:**

«Dabei schämen die Politiker der Majorität, dieselben, die «Ons Jongen» vor den Wahlen von 1948 das Blaue vom Himmel versprachen, sich nicht dieses Almosen bloß zur Hälfte in bar auszuzahlen, nach einer willkürlichen, demütigenden Prozedur, die täglich aufs neue gerechtfertigte Klagen hervorruft.

Die kriegsgeschädigte Jugend hat aus dieser demütigenden Handlung seitens der C.S.V.- und Groupement-Majorität gelernt, daß sie kein Vertrauen mehr haben kann in diese wortbrüchigen Politiker. Sie hat gelernt, daß einzig und allein die Sozialistische Arbeiterpartei dem gegebenen Wort treu blieb und sich mit aller Energie gegen die Einführung zweier Kategorien in der Kriegsschädenfrage auflehnt.

Die kriegsgeschädigte Jugend wird der Sozialistischen Arbeiterpartei bei diesen Wahlen ihr ganzes Vertrauen schenken, weil das sozialistische Programm sich vollständig mit ihren berechtigten Forderungen deckt, indem es verlangt:

1. Die volle Gleichstellung der Zwangsmobilisierten mit den Zwangsdeportierten und zwar:
   a) in der Frage des materiellen Kriegsschadens,
   b) in der Frage des Lohnausfalles.»

In der denkwürdigen Parlamentssitzung vom 29. März 1966 wurde das Zwangsrekrutiertenproblem zu einem **nationalen Problem von internationaler Bedeutung und Tragweite** erklärt. Der inzwischen verstorbene DP-Politiker Eugène Schaus schloß an besagtem Tag seine Intervention vor dem Plenum der Abgeordnetenkammer mit den Sätzen: **«C'est une cause nationale. Donnez à cette cause nationale une solution nationale en agissant vite et en agissant promptement!»**

In der DP-Wahlnummer vom Dezember 1968 wurde erklärt: «. . . die Demokratische Partei hat die Lösung des Problems der Enrôlés de Force prioritär in ihrem Programm verankert.»

Am 8. Januar 1970, gelegentlich des Besuches von H. Walter Scheel in Luxemburg (Aussenminister der BRD), erklärte Luxemburgs Aussenminister Gaston Thorn: «. . . ein Vorsichherschieben des Problems belastet und vergiftet die Atmosphäre nur noch stärker.»

Am 12. Januar 1970 kündigte Herr Thorn an, bis zu den Parlamentsferien desselben Jahres sei das Problem der Zwangseinziehung endgültig gelöst.

Würde man die unendlich vielen diesbezüglichen Absichtserklärungen zusammenfassen, entstünde ein vielhundertseitiges Buch.

**Außer Versprechen, nichts!**

Welche Entwicklung es seit 1974 gegeben hat, ist dem Nachfolgenden zu entnehmen.

**Am 06. Mai 1974**

M. Antoine Wehenkel, Président du Parti Ouvrier Socialiste Luxembourgeois: «. . . le Parti Ouvrier Socialiste, pour sa part, ne vous a jamais fait de promesses démagogiques . . .». «Il s'engage plus particulièrement à exiger du Gouvernement qui sortira des élections prochaines, d'examiner par une étude approfondie les conséquences financières et autres qu'entraînera la proposition de loi que vous avez soumis aux parlementaires en mars dernier, afin qu'une solution juste, équitable et définitive puisse intervenir le plus tôt possible dans l'intérêt des Enrôlés de Force».

**Am 13. Mai 1975**

M. Raymond Vouel: «Personnellement, je croyais ce problème des Enrôlés de Force réglé».

**Am 09. Mai 1974**

M. Gaston Thorn, Président du Parti Démocratique: «. . . mon parti ne se refuse pas à discuter ce problème avec les autres formations politiques et notamment celles susceptibles d'entrer avec nous dans une coalition gouvernementale, . . .».

**Am 13. Mai 1975**

M. Gaston Thorn: «Nous avons délibérément rien prévu au programme de l'actuel gouvernement qui ait trait à une solution du problème de l'enrôlement forcé».

**Resultat gleich Null!**

Trotz ihres unermüdlichen Einsatzes, trotz ihres ständigen Bemühens konnten die Zwangsrekrutierten und die ihnen wohlgesinnten Personen in der CSV nicht erreichen, daß ihre Partei sich zu einer einwandfreien Lösung entschloß, weder zur Zeit als sie die Regierungsgeschäfte führte, noch in der auslaufenden Legislaturperiode, als sie Oppositionspartei war.

Von Wahljahr zu Wahljahr wurden die Zwangsrekrutierten immer wieder vertröstet und mit nichtssagenden Versprechen abgespeist. Es gibt sogar einige Abgeordnete, die ungeniert das Zwangsrekrutiertenproblem auf nationaler Ebene mittels Hinhaltetaktik lösen möchten. Sie warten bis der letzte Zwangsrekrutierte das Zeitliche gesegnet hat. Dann hat, ihrer Auffaßung nach, das Problem sich von selbst gelöst.

Wie auf der politischen Bühne mit den Überlebenden der geopferten Generation verfahren wird, so ergeht es in anderer Form und anderem Maß vielen Luxemburgern. Und zwar jedesmal dann, wenn die betreffende politische Entscheidungen gefällt werden, oder wenn sie ganz einfach links liegen gelassen werden.

Nicht etwa aus Trotz, sondern ganz einfach weil sie der rezenten Schaukelstuhl-Politik, des zu lange währenden politischen Bla-Blas der rot-blauen Regierungskoalition überdrüssig sind, kam es zum Entschluß der Zwangsrekrutierten, direkt ins politische Geschehen einzugreifen.

Als welterfahrene Menschen, die vor mehr als einem Dritteljahrhundert bereit waren für ihre Landsleute in den Tod zu gehen, verlangen die Zwangsrekrutierten, daß es zu einer politischen Erneuerung kommt. Auch nach noch so langer Zeit sollten ihre einstigen, großen Opfer nicht umsonst gewesen sein!

Zum gegenwärtigen Zeitpunkt sind die Zwangsrekrutierten, und mit ihnen zahlreiche andere Wähler im Lande, des sogenannten politischen «establishments» und der Verherrlichung ihrer hochgeputschter Ideologien überdrüssig. Sie sind schon lange nicht mehr die leichtgläubigen und törichten Einfaltspinsel, für die sie allemal vor den jeweiligen Urnengängen, und ganz sicher auch nachher, gehalten werden.

Aus diesen Gründen stellen nun die Zwangsrekrutierten Personen aus ihren Reihen als Kandidaten zu den Legislativwahlen vom 10. Juni, Menschen, die jahrzehntelang absolut uneigennützig für die Belange ihrer einstigen Schicksalsgefährten eingetreten sind. Ebenso uneigennützig werden sie sich auch für das Wohlergehen aller Bürger im Staat einsetzen.

Es ist an der Zeit, daß das Parlament ein neues Image erhält. Luxemburg ist regierbar, ohne daß dazu ideologischgeprägte dirigistische Methoden angewandt werden. Durchaus möglich ist es die Belange der Arbeiterschaft, der Beamten, der Bauern und Winzer, des Mittelstandes und der freien Berufe zu koordinieren und im Rahmen einer gesunden Landespolitik wahrzunehmen. Und das ohne Schaumschlägerei, ohne den einen Stand gegen den andern auszuspielen. Gesellschaftsveränderungen sollen sich in normalen Bahnen vollziehen. Dazu bedarf es nicht des radikalen Umsturzes der bestehenden Gesellschaftsordnung.

**WAHLFONDS**


**Wann iéch glifft, iwwerweist äre Bäidraag fir de Wahlfonds vun der Enrôlés de force op de Postscheckkonto Nr. 21049-97, dee libelléiert as: Fonds d'action des Enrôlés de Force, Luxembourg.**




# D'KANDIDATEN AUS DEM OSTEN



**HAMES Jean**
Eisebunner,
Prës. E.d.F. Sectioun Jonglënster
Member vun der Brigad Piron
Gonneréng




**DIEDERICH Jean**
Adjudant C.P.A.
Sekretär vun den enrôlés de force
Sektioun Waasserbëlleg
Mertert



**SCHEMEL Ernest**
Zolldeklarant Schengen-Réimech
25 Méint Tambow
Schengen



**STEFFEN Roger**
Konscht-Moler
Politesche Prisonnéier
Tambower
Gréiwemaacher



**STEPHANY Albert**
Lieutenant des Douanes
10 Méint Russland
3 Meint Lazarett ; Refractaire
Iechternach



**THOMMES Marcel**
facteur-comptable ppal
18 Méint Tambow
Réimerschen

**Monsieur OSCH, en 1950 vous étiez le ministre responsable pour l'indemnisation des dommages de guerre. C'est bien vous, en tout premier lieu, qui avez abusé les enrôlés de force. C'est vous et vos semblables qui, aujourd'hui, font fi à la vérité.**

**Ah! si le ridicul tuait!**

# Léiw Fraen a Kanner vun de fréizäiteg verstuerwenen Enrôlés!

Hei zu Lëtzebuerg hun ongeheier vill Fraen a Kanner de Papp resp. de Mann fréizäiteg verluer. Ronn 2.500 Enrôlés sin zanter Krichsenn gestuerwen.

Daat grousst Leed, daat d'Preisen äre Männer ugedoen haten, huet sech op lech an Är Kanner iwwerdroen. Et soll kee kommen a soen, d'Jongen hätten am Krich näischt gelidden. Dir, léiw Fraen a Kanner, wësst besser wéi irgend een aneren, wat se gelidden hun. Är Männer, är Pappe si gestuerwen, dack no ganz laanger, schmierzlecher Krankheet, ma och ganz oft onerwaart, oni dat Dir drop gefaasst wart.

Äre Misär war mam Krich nët op en Enn. Au contraire! E gong eréischt un, wéi d'Folgen vun der Zwangsrekrutéirung sech bemierkbar gemaach hun. A villen Enrôlésstéid war an as de Misär an d'Leed onbeschreiwlech grouss.

Et stëmmt ganz a gur nët, wat den H. Berg zu Stesel a wat den H. Gaston Thorn eréischt kierzlech an der Chamber behaapt huet, nämlech, d'Doudeszuel bei den Enrôlés wär nët méi héich, wéi bei aneren, déi nët am Krich waren. Mir Witfraen wëssen leider nach ze vill gudd, dat d'Enrôlés vill manner Lieweschancen haten an hun.

Mir diskutéiren nët méi laang mat Leit, déi esou Behaaptungen maachen, an déi nëmmen drop waarden, bis de lèschten Enrôlé begruewen as. Eis Entwert kréien se den 10. Juni mam Stëmmziedel.

Am Numm vun der verluerener Generatioun,

am Numm vun deenen, déi hiert Liewe geloss hun fir eis Fräiheet an d'Fräiheet vum ganze Land,

am Numm vun deenen, déi gepéingegt gi sin vun enger friemer Muecht an elo bedru gin vun deenen, déi hir Fräiheet zum groussen Deel den E.d.F. verdanken.

rode mir allen Hannerbliwwenen vun den Enrôlés de force


**D'Lëscht 9 (fir de Süden, Osten an den Norden) an d'Lëscht 10 (fir den Zentrum) ze stëmmen.**

Assocoation des Survivants
des Enrôlés de force

# D'KANDIDATEN AUS DEM SÜDEN




**WEIRICH Jos**
Kommerssant a Fabrikant
Président National Fédération V.N.E.F.,
Réfractaire
Diddeléng




**SCHOLER Metty**
Chef de servc. adj. M.M.R.-A.
Président vun den Tambower ; Vize-Prës. vun der Fédération des Victimes du nazisme enrôlées de force
Rolleng-Lamadelaine-Habscht



**ADAM Bert**
Chimiste Arbed-Belval
Sekretär vun den Enr. d. Force Sektioun Esch an der Association sport. des Handicapés physiques
Esch-Uelzecht



**BENOIT Jos**
Préposé de poste des Douanes Dudelange-Volmerange-Zoufftgen
Enrôlé de force, déserteur a politesche Prisonnéier
Diddeleng



**BÜCHLER Jemp**
Kommerssant
Mutillé de guerre
Rodange



**DEVILLET Carlo**
Jong vun dem ze fréi verstuewenen Raymond Devillet
Briddel




**FLAMMANG Georges**
Eisebunner
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Suessem an der Amicale vun de Novgoroder ; Délegéierten vun der L.L.M.I.G.
Biëles-Nidderkäërjheng



**JACOB Bernard**

Nidderkuer




**KERG René**
Eisebunner
E.d.F. Member vum Comité
Sektioun Diddeleng
Beteburg



**KOEHLER Charles**
Eisebunner
Tambower
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Déifferdang
Déifferdang




**LOMMEL François**
Bréifdréier
27 Méint a russescher Gefaangeschaft (Tambow)
Sekretär vun den E.d.F. Äischen
Äischen



**MAAR Marcel**
Schmadd Arbed Déifferdang
Member vum Comité vun den E.d.F. Sektioun Nidderkuer
Nidderkuer



**MEUNIER-KIRSCH Amélie**
Déportéiert bei der Grève 42 no Adenau
Witfra vum schwéier mutilléierten a fréi versturwenen Hubert Meunier
Nidderkuer



**NEU Félix**
employé M.M.R.-A.
Résistant armé, combattant volontaire dans les Armées Alliés 1940-1945
Rolleng-Lamadelaine



**NOEL Emile**
Gérant-Spuerkees Rodange
Stroofkompanie a Krichsgefaangen
Caissier vun der Associatioun VNEF an der Sektioun Péiteng
Péiteng



**OLSEM Emile**
Handwierker op der Eisebunn
Caissier vun der Fédératioun vun den E.d.F. an der Sektioun Käl
Käl




**REISCH Camille**
Handwierker bei der M.M.R.-A.
Enrôlé de Force
Réfractaire
Dippech



**REISER-SCHOCKMEL Germaine**
Hausfra
Schwester vun engem zu Sonnenburg erschossene Komerod
Nidderkuer



**SCHAUL Albert**
Gemengenemployé. Président vun den E.d.F. Sektioun Rodange-Lamadelaine
Kommandant vum Rodanger Pomjés-Korps
Rodange




**SCHMIT Dominique**
Schmelzarbechter
Ancien Combattant de l'Armée Française
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun Uewerkuer
Uewerkuer



**STEFFEN-SCHMIT Marguerite**
Witfra vun dem ze fréi verstuerwenen Match Steffen ; 19 Méint am R.A.D. a K.H.D. wéint Verweigerung vum K.H.D. 2 Méint am Prisong
Esch-Uelzecht



**STRACKS Norbert**
Machiniste op Terre-Rouge
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun Péiteng ; Sécouriste-ambulancier vun der Protection-Civil
Péiteng



**WOLFF Léopold**
Eisebunner
Président vun den E.d.F. Äischen
37 Méint Enrôlé de Force a Krichsgefaangenen
Äischen




**BEFFORT-LESCH Apolline**
Hausfra
Zwangsrekrutéiert an den R.A.D.
Aus dem K.H.D. désertéiert
Uewerkuer

# D'KANDIDATEN AUS DEM NORDEN



**BADDÉ Charles**
Eisebunner
Enrolé de Force a Réfractaire
Sekretär vun den E.d.F. Sektioun Hesper
Hesper-Bënzelt



**CLEES Jos**
Berufschauffeur
Präsident vun den E.d.F. Sektioun Housen
Näidsen



**HEINTZ Erny**
Kommerssant-Konfektioun
Comitésmember vun den E.d.F. Sektioun Ettelbréck
Ettelbréck



**KEIPES Theo**
Eisebunner
Präsident vum S.I. an der Chorale Mixte vun Useldéng ; Comitésmember vun der Ass. d. Par. L.C.D.
Useldéng




**LESSEL Fernand**
Kommerssant-Radio an Télévisioun
Member vum Cons. d'Adm, de la Féd. d. Commerçants ; Enrôlé de Force e Réfractaire
Ettelbréck




**INFALT-HEINISCH Goergette**
Witfra vum ze fréi verstuerwenen Dr. Jang Infalt, fréiere Präsident vun den Enr. d. Force Sektioun Ettelbréck
Ettelbréck



**LANNERS-MARX Marie**
Haus- a Geschäftsfra
Zwangsrekrutéiert
Housen



**ZIGRAND François**
Wiirt
Enrôlé de Force, Krichsgefaangenen,
Anc. Combattant de l'Armée belge
Pärel



**DECKENBRUNNEN Emile**
Gemengenaarbechter
Enrôlé de force
Refractaire
Wolz

## APPELL UN D'ENROLÉS DE FORCE

De 17. März 1979 war zu Walfer eng Assemblée générale extraordinaire vun der Association E.F.V.N. D'Delegéiert vun de Sektiounen aus dem ganze Land waren présent. Vun 190 hun 178 derfiir gestëmmt, Kandidateléschten fir d'Chamberwahlen opzestellen. 9 Delegéiert waren dergéint an 3 hu sech enthalen. **Mat desem Schrëtt soll deene verlugene Wahlversprieche vun de Parteien entgéint getratt gin, déi bis dato reiëm d'Regierungen gestallt hun.**

D'Féderatioun V.N.E.F., d'Daachorganisatioun vun der

- Association des Parents des déportés militaires,
- Amicale des Anciens de Tambow,
- Ligue Luxembourgeoise des Mutulés et Invalides de Guerre 1940-1945,
- Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme

an déi eréischt rezent forméiert «Association des Survivants des Enrôlés de Force», huet an hirer Comitéssëtzung vum 22. März 1979 de Walfer Beschloß eestëmmeg guddgeheescht.

Mir sin es saat, mat eidele Verspriechen gefiddert ze gin!

Mir sin nët d'accord als Stëmmieselen betruecht a behandelt ze gin!

**Léiw Komerodinnen a Komeroden!**

Wéi mir virun 37 Joer zesummen am Dreck, am Wouscht an am Knascht lougen,
wéi Angscht, Suergen a Leed äis baal erdréckt,
wéi mir zesummen Honger, Entbiirungen, physeschen a moralesche Misär ausgestaanen hun,
wéi mir an der Suerg waren ëm déi Verstoppten an ëm déi spontan, oneegenëtzeg a fräiwëlleg Hellefer gebaangt hun.
wéi mir bal erstéckt sin an der Suerg ëm d'Jongen, déi bei de Partisanen, am Ennergrond an an den alliéierten Arméien gekämpft hun,
wéi dausende Komeroden zu Kréppele geschoss gouwen,
wéi dausende Komeroden an onbeschreiwlecher Péing, wäit vun doheem, gestuerwe sin,
wéi mir d'Komeroden bedauert hun, déi an de Konzentratiounslager an an de Festungen erschoss gouwen,
wéi mir fiir déi sëllegen gekrasch, déi an de Gafaangenelager erhengert sin,

**... Deemols, stonge mir wéi ee Stack.**

Deemols war ons Ideologie weder schwaarz, nach rout oder blo.
Deemols huet ënner dem Symbol «Rout-Wäis-Blo» fir äis nuren eent gegollt:

**«Lëtzebuerg de Lëtzebuerger»**
**An eis Deviss déi war:**
**«Mir wëlle jo keng Preise sin».**

**Lëtzebuerg a seng Leit.**

An esou fille mir am Fong vun onsen Härzer och nach haut.
Deemols wore mir Komeroden. Dat sin a bleiwe mir och nach weider.

Dir kennt eise Probleem.

Dir wësst, dat mir am Krichsschiédegesetz zu Bierger 2ter Klass gestempelt gouwen.

Duurgéint hu mir deemols véhement protestéiert.

Duurgéint wiire mir äis nach haut.

An desem Ponkt hu mir eis Meenung an eis Fuerderung nach nie geännert!

**Wien de Konträr behaapt, as e béiswëllege Wuetverdréier oder ganz einfach e Ligener.**

De Bewäis, datt am Gesetz vum 25. Februar 1950 eng Diskriminéirung vun den Enrôlés de Force enthaalen as, gouw ons kierzlech geliwwert mat de Bréif vum Conseil National de la Résistance der UNIO'N der L.P.P.D. an dem Artikel am Tageblatt vum 7. Mé 1979.
Duurch den onermiddlechen an oneegenëtzen Asaatz vun de Komeroden aus onse Sektiounscomitéën, de Verantwortlechen aus dem Zentral- an dem Féderatiounscomité, an duerch är Mathëllef konnt munneches ereecht gin.

Awer bis haut läit erdréckend op all Enrôlé, égal ob doud oder nach um Liewen, eng ongeheier Schmooch, an zwar, déi infam Behaaptung, d'Enrôlés hätten am lëschte Krich keng «attitude patriotique» gehaat a keng bewisen.

Am Sträit fir dës, ons esou wichteg Fro, sin der ganz vill, vill ze vill vun äis fréizäiteg gestuerwen.

Mir erënneren, stellvertriedend fir déi dausende Komerodinnen a Komeroden, un de NILLES Paul (†1965), d'Joffer Ernestine Bos (†1968), den Hurst Fernand (†1972), de Witry Alfred (†1973), de Jungbluth Norbert (†1976), de Bichler Jean (†1977) an un de Francis Steffen (†1978), den Autor vun eisem Buch «Die geopferte Generation».

**Sollen dann all déi Affer ëmsoss gewiescht sin?**

**Komerodinnen a Komeroden!**

Mir sin iwwerzeegt, Dir wësst ewéi Dir den 10. Juni ze stëmmen hut.

Fir ons all huet d'Stonn vun der Wourecht geschloen! Et as ons allerlëschte Chance! Sollten d'Wahle beweisen, dat lech de Probleem vun den Enrôlés, äre Probleem, nët méi interesséiert, da musse mir all, Dir a mir, ons Konséquenzen zéien.

**E besonneschen Appell** riichte mir un déi Komeroden, déi, egal wéi, politesch engagéiert sin. Dir, déi der elo während 20, 30 Joer Vertrauen an eng vun deenen esougenannten «établéierte» Parteien haat, musst dach gesinn, dat äir Parteien an der Questioun vun den Enrôlés versoot hun. Ma da profitéiert vun der Geléënheet a gidd hinnen bei de nächste Wahlen ze verstoen, dat d'Éier vun allen Enrôlés de force daat wäit iwwer de Parteiinteresse steht.

**Zesummen beweise mir, dat waat mat Blut an Tréinen zesummegeschweesst gouw, nët esou einfach ze vergiëssen ass. Dofir stëmme mir all d'Löscht 9 von den Enrôlés de Force am Süden, Osten an Norden, an am Zentrum d'Lëscht Nr. 10 vum Komerod Jean Gremling.**

# Léiw Frënn aus schwéirer Zäit! Léiw «Médaillés de la Reconnaissance Nationale»!

A schwéirer Zäit, wéi onst Land vum Preis besaat war, hu dir, wéi keen aneren, Courage an Heemechtsléift bewisen. Dir hut Hab a Gudd riskéiert an ärt Liewen agessat fir Lëtzebuerger ze retten, déi de Naziokkupant vernichte wollt.

Dir hut des Lëtzebuerger verstoppt, iwert d'Grenze gefouert, falsch Pabeiere verschaaft, ravitailléiert, mat Medikamenter versuergt, heemlech operéiert, gepflegt a wié wees wat nach alles gemaach. Dobei hat dir den eenzegt Ziel am Aa: Der Heemecht dingen.

Munnechmol as et schief ausgaang an d'Folge waren ureg. Gott sei Dank koum d'Liberatioun vum Land an daat Schrecklechst war eriwwer. Mir waren all frou an zefridden, och wann et nach allerlee batter Nowéie gouw.

No an no sin all Verschleeften, Verstoppten an Evadéiert nees heem komm. Zesumme wollte mir friddlech an a Fréndschaaft ons Zukunft opbauen. Leider haten e puer Superkluger séier erausfond, dass se sech hire Patriotissem kënnte bezuele loossen. Datt d'Stéck vum Kuch desto méi grouss géiw, wat et der manner wieren, déi sech en deelen géiwen. D'Enrôlés de force, a mat hinnen de gréissten Deel vun hire Frënn an Hellefer gouwen op d'Säit gedréckt. No joorlaangem Intrigéiren gouw 1950 en Dommages de Guerre Gesetz votéiert, wat e Schlaag an d'Gesiicht vu ville Lëtzebuerger war an as. Den Enrôlés de force gouw kéng patriotesch Haltung zouerkannt, jhust deenen dir, wéi hei viirdru gesot, gehollef hat. Och är Leeschtungen gouwen nët konsideréiert, jo absiichtlech vergees! Desem Lëtzebuerger Gesetz no hu dir, léiw Frënn, ärt Vermëigen an ärt Liewen riskéiert fir nëmme Lëtzebuerger **Zweeter Klass!** Daat as och e Schlaag an d'Gesiicht fir lech.

Jorelaang **huet** d'Fédération des victimes du nazisme, **enrôlées de force**, gestridden, fir dat d'Lëtzebuerger Land lech endlech den offizielle Merci mat der «Médaille de la Reconnaissance Nationale» ausspreiche sollt. Fir vill koum se ze spéit. Nach schlëmmer: Haut waarden nach munnech gudd Letzebuerger op des Auszeechnung, obschon ons Féderatioun stännech der hannert war an d'Ennerlaagen schon zënter Joeren am Staatsministère leien. De Staatsminister Thorn refüséiert ebenfalls daat néidegt ze ënnerhuelen, fir honnerten Auslänner déi Unerkennung zoukommen ze loossen, déi hinnen zousteet.

**Awer, mir gin äis nët!**

Mir gin äis nët, bis Gerechtegkeet alle gudde Lëtzebuerger widderfuer as! Bis déi Milliarde Schold erëmbezuelt as, déi de Preis hei ugeriicht huet, an de Lëtzebuerger Steierzueler nët ongerechterweis fir eppes berappe muss, wuerfir hien absolut nët kann.

Trotz ville Verspriechen vun onse grousse Parteien, besonnesch virun de Wahlen, fannen deenen hir Politiker nët de Courage fir endlech d'Diskriminatioun aus dem Dommages de Guerre de Gesetz verschwannen ze loossen, wéi se et och nët färdeg bréngen, aner national Problemer ze léisen. Mir konnten duerfir kee Vertraue méi a si hun. Mir gouwen reegelrecht gezwongen eege Léschten fir d'Chamberwahlen opzestellen. Des Décisioun as ons nët liicht gefall. Mir wäre frou, wann dir, ons bescht Frënn, des Décisioun géingt verstoen an och ënnerstëtzen.

Ons kann nure gehollef gin, wa mir den 10. Juni méiglechst vill Stëmmen op ons Léschte kréien. Da mussen déi grouss Parteien agesin, dass se nët ëmmer de Géck mat de Wieler maache kënnen.

Grad wéi am Krich ziele mir elo fest op är Matthëllef, a recommandéiren lech d'Léschten vun den Enrôlés de force, Nr. 9 (Süden, Osten, Norden) an d'Léscht Nr. 10 vum Jean Gremling fir den Zentrum.

Am Numm vun allen Enrôlés de force soen ech iech Merci.

De Nationalpresident
Jos Weyrich

# Léiw Elteren a Familjen vun eisen onglëckleche Komerodinnen a Komeroden

Während der Nazi-Herrschaft in Luxemburg erlitten Sie die schmerzlichsten Verluste, die Menschen erleiden können. 3.500 luxemburgische Familien verloren Töchter und Söhne, manche gar zwei oder drei. Die «Gefallenen- resp. Vermißtenmeldungen» brachen Euch, liebe Eltern und Familienangehörigen, das Herz. Die Ungewißheit über das Schicksal Eurer Kinder brachte Euch an den Rand der Verzweiflung.

Mit der Überzeugung, Euer Kind habe sein Leben für die luxemburgische Heimat gelassen, versuchtet Ihr Euch halbwegs zu trösten. Aber leider gönnte die Heimat, deren Bürger in harter Zeit so stolz auf die Einigkeit aller Luxemburger waren, nach der Befreiung vom Nazi-Terror Euch diesen Trost nicht. Nur durch den unermüdlichen Einsatz derer, die ihre unglücklichen Schicksalsgefährten überlebten, konnte Euern Kindern der Titel «Mort pour la Patrie» zuerkannt werden.

Auch gegen die Zuerkennung der von den Enrôlés de force verlangten Elternrente, wehrten sich die politischen Parteien und die Abgeordnetenkammer.

Die Umänderung der diskriminierenden Artikel im Kriegsschädengesetz, die eine gemeine Verleumdung der Enrôlés de force beinhalten, weil letzteren jegliche patriotische Haltung während der Besatzungszeit aberkannt wird, wurde von den grossen Parteien immer wieder versprochen, wohlverstanden vor den jeweils anfallenden Parlamentswahlen. Einmal an der Macht, wurden alle Versprechen geflissentlich vergessen!

Bei den nun fälligen Wahlen sollte das gleiche Spiel wiederholt werden. Dagegen wehren die Enrôlés de force sich entschieden. Aus diesem Grunde, insbesondere aber wegen der Verunsicherung der Wählerschaft, entstanden eigene Wahllisten auf Landesebene.

Wenn Sie, liebe Eltern, Geschwister und Verwandten unserer gemordeten Kameradinnen und Kameraden, mithelfen wollen, daß diese Schmach endlich von der Kriegsjugend genommen wird, dann vereinigt alle **Eure Stimmen auf die Listen der Zwangsrekrutierten. Liste Nr 9, für den Süden, Osten und Norden, Liste Nr 10, für das Zentrum.** Nur so können wir gemeinsam den politischen Parteien und unserem Land beweisen, daß bei uns das Wort Solidarität noch Gültigkeit hat.

Der Tod unserer Lieben darf nicht umsonst gewesen sein. Ob rot, blau oder schwarz, am 10. Juni heisst es noch einmal «rot-weiss-blau», bevor der letzte Enrôlé de force gestorben sein wird.

# Lëscht Nr. 9 vun den Enrôlés de force

## trëtt an:

**Fir eng Revaloriséierung vum Parlament an as géint d'Dégradatioun vun den Députéierten zu armséilegen Marionetten.**

**Fir politesch Opriichtegkeet an Oneegenëtzegkeet vun de Parlamentarier. De Wieler soll erëm Vertrauen an déi Leit därfen hun, déi hien gewielt huet.**

**Fir konstruktiv Arbecht am Sënn vu parlamentarescher Demokratie.**

**Fir eng Gesellschaftsuerdnung, déi op démokratesche Prinzipien baséiert, fir eng dynamesch Gesellschaft, déi nët dirigéiert gët, ma stimuléiert an aktivéiert, déi Uerdnung schaaft a protégéiert, op déi Manéier de soziale Fridden garantéiert an de Wuelstand verallgemengert.**

**Fir Vollbeschäftegung vun alle Letzeburger.**

**Fir d'berechtegt Fuerderungen vum öffentlechen a privaten Sektor, de Baueren a Wënzer, de Leit an de fräie Beruffer an aus dem Mëttelstand.**

**Fir eng gerecht Verdeelung vun de Steierlaaschten.**

**Fir d'Schaafen vun neien Aarbechtsplaatzen fir d'Chômeuren, ma besonnesch awer fir dem Jonktem reell Chancen fir d'Zukunft ze gin.**

**Fir Beschaafen an d'Sëcherung vun Energie.**

**Fir echt human a reell demokratesch Justiz, Schoulen a Kultur.**

**Fir eng opriichteg Finanzpolitik, e wiirklech soziale Wunnungsbau an e vill bessere Stroossebau.**

**Fir de Referendum bei der Duerchféirung vun déifgräifende Reformen.**

**Fir manner staatlecht Agräifen, Betreiung, Reglementéirung an Tütell, fir dat erem méi Leit bereet sin zur Selbststännegkeet am wirtschaftleche Sektor.**

**Fir de Schutz vun der Natur, de Gewässer an der Emwelt.**

**Fir dynamesch Aussepolitik am Interessi vun der Natioun a fir Fridden, Versteestemech a Gläichberechtegung ënner de Natiounen.**

**Fir dat d'Préisen hir Krichverbriecherscholden bezuelen. Bis 1972 sin daat 11 Milliarden Frang gewiescht, a bis haut sin mindestens nach 4 Milliarden derbäi kom.**

**Fir eng definitiv Léisung vum Probleem vun de Enrôlés de force.**

## Mir si fir alles wat raisonabel a réalisabel as.

**Géint all Parteidiktatur.**

**Géint eng verstoppten Diktatur vun der Regierung.**

**Géint parteipolitesch gebonnen Députéiert, déi zu allem nëmme mam Kapp näipen.**

**Géint Volleksvertrieder, déi hiert Wuert nët haalen.**

**Géint Iirleeden a Verdommen vun dem Vollek.**

**Géint feig Verréider, déi aus dem Hannerhalt hetzen on opwigelen.**

**Géint Opsplitterung vun de Schaffenden.**

**Géint Atomreakteren zu Cattenom an zu Remerschen.**

**Géint Monopoler am politeschen, wirtschaftlechen a gewerkschaftleche Beräich.**

**Géint kuerzsiichteg national Finanz- a Budgetpolitik.**

**Géint mutwëllege Verzicht op national Interessen.**

**Géint de grousse Kuddelmuddel am Schoul- am Unterrechtswiesen.**

# Dir wëllt, dat et besser gët, da stëmmt Lëscht 9 vun den Enrôlés de force